N°3189
Entrée le 13.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.11.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

An der Press ass e Fall bekannt ginn, wou eng Famill, déi d'Äsche vun hirem verstuerwe Familljemember fir eng Bäisetzung an Island transportéiere wollt, um Fluchhafe Findel op erhieflech Schwieregkeete gestouss ass.

Trotz enger offizieller Bescheinegung vum Bestatter gouf d'Metall-Urne beim Check-in refuséiert, well se angeblech net duerch Röntgenstrale kéint kontrolléiere ginn. D'Famill huet doropshi fir den Dag duerno en neie Vol gebucht an d'Äschen an engem Kartong transportéiert – dës Kéier ouni Problemer.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Firwat kann eng Airline eng offiziell Bescheinegung vum Bestatter net akzeptéiert, obwuel dës vun der Police akzeptéiert ginn ass?
2. Sinn d'Sécherheetsvirschrëfte proportional a néideg, wann eng offiziell a préifbar Beschäinegung vun engem Pompe funèbres dobäi läit?
3. Wéi ënnerscheeden sech d'Lëtzebuerger Reegele vun deenen an anere Länner?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

CLEMENT Sven

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés